22e séance

Mercredi 19 décembre 2001

Présidence
M. Jean Spautz, Président
M. Jean Asselborn, Vice-Président

Ordre du jour

1. Dépôt d'un projet de loi
2. Projet de loi 4855 portant réforme de certaines dispositions en matière des impôts directs et indirects *(Discussion générale – Suite – Lecture du texte du projet de loi – Vote et dispense du second vote constitutionnel – Motions)*
3. Projet de loi 4780 modifiant certaines dispositions en matière d'impôts directs et complétant le code des assurances sociales *(Rapport de la Commission des Finances et du Budget – Discussion générale – Lecture du texte du projet de loi – Vote et dispense du second vote constitutionnel)*
4. Projet de loi 4858 modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée *(Rapport de la Commission des Finances et du Budget – Discussion générale – Lecture du texte du projet de loi – Vote et dispense du second vote constitutionnel)*
5. Projet de loi 4862 portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et les Etats-Unis Mexicains tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune et du Protocole y relatif, signés à Luxembourg, le 7 février 2001 *(Rapport de la Commission des Finances et du Budget – Discussion générale – Lecture du texte du projet de loi – Vote et dispense du second vote constitutionnel)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Luc Frieden, Mme Anne Brasseur et M. Henri Grethen, Ministres; M. Joseph Schaack, Secrétaire d'Etat.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op. Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

(Affirmation)

Mme Minister Brasseur huet d'Wuert.

1. Dépôt d'un projet de loi

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.-* Här President, ech hunn duerch Arrêté grand-ducal vum 15. Dezember d'Autorisatioun kritt, fir den Dépôt vun engem Projet de loi ze maachen iwwert d'Gestioun vun de Services d'infrastructure um Geesseknäppchen:

– Projet de loi 4890 ayant pour objet la création d'un Service de gestion d'infrastructures communes aux établissements scolaires du campus scolaire Geesseknäppchen.

Merci, Här President.

M. le Président.- D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt vun engem Projet de loi duerch d'Mme Minister Anne Brasseur, an ech suergen duerfir, dass en un de Statsrot an déi zoustänneg Kommissioune weidergeleet gëtt.

Mir fueren elo weider mat der Diskussioun vum Projet de loi 4855 iwwert d'Reform vun den direkten an indirekte Steieren. Et sinn nach ageschriwwen d'Hären Aloyse Bisdorff, Lucien Clement, Mars Di Bartolomeo, Gusty Graas, Camille Gira a Laurent Mosar.

D'Wuert huet elo den Här Aloyse Bisdorff.

2. Projet de loi 4855 portant réforme de certaines dispositions en matière des impôts directs et indirects *(Suite)*

Discussion générale (Suite)

M. Aloyse Bisdorff *(déi Lénk).-* Ech konnt de Moien net do sinn, Här President, well mer jo och an der Escher Gemeng de Budget hu misse stëmmen; ech sinn duerfir frou, dass ech awer elo nach drukommen, fir och Stellung zu dësem wichtege Gesetzesprojet huelen ze kënnen.

Den zweeten Deel vun der Änderung vun der Steiergesetzgebung, déi jo dat neit Gesetz duerstellt, ass, grad esou wéi och deen éischten, keng regelrecht Steierreform. No deem éischten Deel war zwar ugekënnegt ginn, dass dat heiten eng Reform géif ginn. Eng Vereinfachung vun eisem Steiersystem sollt och doranner virgesi sinn, an all déi vill Abattementer, déi et ginn, sollten ënnert d'Lupp geholl ginn, fir ze kucken, ob een déi net kënnt ofschafen an duerch eng aner Method ersetzen. Dat wär am Fong geholl eng Steierreform gewiescht. Dat ass awer elo net geschitt. Déi Abattementer, wéi een a verschiddenen Avisë liese konnt, si berechtegt. Si entsprieche Belaaschtungen, déi de Steierflichtegen huet, an déi sollten also duerfir och steierlech kënnen ofgesat ginn.

Dat ass awer net méiglech fir jiddfereen, an dat ass virun allem net méiglech fir déi Leit, déi keng Steiere bezuelen an déi also domadder ongerecht behandelt ginn. Wann ee seet, dass jiddfereen eng Zivilversécherung an eng